ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet an un den Här Budgetsminister weiderzeleeden.

An hirem „Livre vert sur le vieillissement", deen de 27. Januar 2021 publizéiert gouf, schreift d'EU-Kommissioun: „D'après les projections, pour maintenir le taux national de dépendance économique des personnes âgées à un niveau constant en 2040 par rapport à 2020, l'âge de départ à la retraite devrait passer à 68 ans seulement à Malte, en Hongrie et en Suède, tandis qu'il devrait être porté à 72 ans en Lituanie et au Luxembourg." (Quell: https://ec.europa.eu/info/sites/default/files/1_fr_act_part1_v2.pdf). D'Grënn fir dës Situatioun si säit Laangem bekannt: den Undeel vun eelere Mënschen un der Gesamtpopulatioun vum Land geet konstant an d'Lut, et ginn ëmmer manner Kanner gebuer, an et ginn ëmmer méi Frontalieren, déi an Zukunft vun der CNAP hir Pensiounen ausbezuelt wäerte kréien.

An dësem Kontext géife mir gär folgend Froen un d'Regierung stellen:

1) Deelt d'Lëtzebuerger Regierung déi Prognos vun der EU-Kommissioun, wat d'Zukunft vun eisem Pensiounssystem betrëfft? Wa jo, wat fir Mesurë gedenkt d'Regierung ze ergräifen, fir eise Pensiounssystem liewensfäeg ze halen? Wann nee, wéi eng Prognos stellt d'Lëtzebuerger Regierung, wat d'Zukunft vun eisem Rentesystem ugeet?
2) Am Koalitiounsvertrag vun 2018 liest een ënnert dem Stéchwuert „La retraite partielle": „L'avant-projet de loi sur un droit relatif à la combinaison retraite partielle/travail partiel sera soumis aux partenaires sociaux." Ass dës Ukënnegung schonns ëmgesat ginn? Mat wéi engem Resultat?
3) Geet d'Regierung dervun aus, am Hibléck op eise Pensiounssystem, datt den Afflux vu Frontalieren an Zukunft misst begrenzt ginn? Wa jo, wéi gedenkt d'Regierung d'Balance tëscht Travail frontalier a Pensiounsleeschtungen ze assuréieren?
4) Geet d'Regierung dervun aus, datt och an Zukunft hei am Land Salariéen, déi 40 Joer cotiséiert hunn, scho mat 57 Joer an d'Préretraite kënne goen?
5) Kann d'Regierung Zuelen nennen, wat den aktuellen „implizitte Scholdebierg" oder déi „verstoppte Schold" a Form vun zukünftege Pensiounsleeschtunge vu Lëtzebuerg betrëfft?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**